

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Juni 2022

Här President,


esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Finanzminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

No eiser Kenntnis gouf d'Kilometerpauschal säit hirer Aféierung vun 1992 ni indexéiert. Den deemolege Montant vu knapp 4.000 Frang gouf spéider op knapp 100 Euro ëmgerechent. Säit 1992 sinn d'Transportkäschten, notamment d'Energiekäschten awer massiv geklomm.


An deem Zesammenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung matdeelen, wéi si allgemeng zu enger méiglecher Indexéierung vun der Kilometerpauschal steet?
- 2) Kann d'Regierung chiffréieren, wéi eng réckwierkend Indexéierung vun der Kilometerpauschal sech op de Staatsbudget géif auswirken?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Roy Reding
Deputéierten